

## 10 falsch Idien vun der moderner Pädagogik

Wann ee säit ca. 30 Joer Schoul hält, huet een sou munches gesinn an sou munches ausprobéiert. Nei Idien sinn sécher ëmmer interessant, an eise Beruff bleift dodurch spannend.

Mee a leschter Zäit tauchen ëmmer erëm Idien op, vun deenen ech iwerzeegt sinn, dass se falsch sinn an eis Schoul op Irrwéer, vläicht souguer an d'Katastroph schécken wann se durchgesat ginn.

Ech hunn emol eng Lëscht vun esou Idien zesummegehallt, di sécher nët vollstänneg ass, mee wou een sou munches dran erkennt wat grad am MEN populär ass.

Hei sinn se, di Idien vum Holzwee:

- **„Wann zevill Leit keen Diplom kréien, muss een alles mi liicht man.“**

Nee:

Di faul Schüler<sup>12</sup> wärten dann nach manner léieren an un der Durchfallquot wärd sech neischt änneren. Des Tatsaach kritt ee problemlos vun de Schüler selwer bestätegt, an genee dat beobachte mer säit ville Joeren, wou d'Promotiounskritären ëmmer méi verwässert gi sinn<sup>3</sup>.

Di gudd Schüler kréien awer durch des Politik een Diplom dee manner wert ass, a mir si schold drun, wann eis Schüler net méi kënnen stolz op hir Leeschtunge sin.

Eigentlech ass et e Mangel u Respekt hinne géintiwer, wa mir hinnen näischt méi zoutrauen!

- **„Doubléieren ass grondsetzlech schlecht.“<sup>4</sup>**

Et gétt Schüler di nët dodurch besser ginn, dass se all dat wou se souwisou keng Loscht derzou hunn, nach eng Kéier müssen durchhuelen. Sou kann et derzou kommen, dass si loschtlos all Joer doubléieren an dann um Enn nach vläicht nach keen Diplom an der Täsch hunn.

Mee:

Wann e Schüler an enger perséinlecher Kris stecht<sup>5</sup> oder nach net reif genuch as, da kann et extrem sënnvoll sinn fir dat Joer ze doubléieren<sup>6</sup>, an zwar nët eréischt wann et ze spéit ass (wéi et meeschtens duerch zevill „durchlässeg“ Promotiounskritären geschitt), mee méiglechst dann wann ee gesäit dass en nët dat Wëssen a Kënnen huet wat e misst hunn fir weider ze man. Ëmmer erëm begéint ee Schüler, di vun de Grondlagen déi gebraucht ginn, keng Ahnung hunn an dodurch enorm Problemer kréien. Da freet een sech: „Wi konnt deen dann duerch kommen?“ Ma jo, d'Äntwert ass kloer: duerch di absurd Promotiounskritären, di endlech emol missten vernünfteg festgesat gin!

1 Et bleiw ze kucken, virwat sin si faul, wéi kann een hinnen hëllefen...

2 Feministinnen verzeihe mer w.e.g., dass ech net iwerall Schüler/innen schreiwen. Natierlech ass awer dat gemengt.

3 Mat der Ausnahm vun der „Back to the roots“-Zäit vun der Mme Brasseur.

4 Ech muss zouginn, dass dëse Punkt mer am meeschte Kappzerbrieches mécht. Soll een wierklech all di Etüden dozou ignoréieren? Allerdéngs: wéi seriö sinn des Etüden? Ech sinn selwer emol Zeien gewiescht bei der Präsentatioun vun enger „Etüd“ mat weitgehenden statisteschen Aussoen bei enger Klass vu manner wéi 20 Schüler, a weess aus gudder Quell vun engem aneren esou e Fall. Bon, dat heescht jo nët dass se all onseriös sinn. Mee et ass komesch dass se menger Erfahrung an där vu menge Kollegen absolut widersprieche. Et wär opschlossreich fir eng wierklech repräsentativ a seriö Etüd iwwert d'Doubléieren a virun allem seng Ursachen hei zu Lëtzebuerg ze man.

5 E fréihere Kolleg vu mir huet behapt, hie kënn aus den Zensuren den Datum vun der Scheedung vun den Elteren erausliesen. Dat ass vläicht e bëssen iwerdriwen, mee net ganz aus der Loft gegräff.

6 Ech hunn net elauter, mee awer etlech Fäll erliw, wou deen dann dat Joer drop zu de Beschte gehéiert huet.

- **„All Lerninhalt kann an en „Handlungsablauf“ integriert gin.“**

A ville Fäll (virun allem am Handwierksbereich) geet dat a soll och gemaach gin fir dass de Schüler e Bezug zum „richtege Liewen“ kritt.

Mee:

A ville Fäll (och am Handwierk!) as dat guer nët oder nëmmen mat extrem künstleche Verrenkunge méiglech. An dene Fäll huet een näischt gewonnen wann ee krampfhaft alles an de Korseli vum „Handlungsablauf“ erapresst. Wéi soll ech engem Schüler erklären, dass „Handlungsbedarf“ besteet fir z.B. an der Mathe eng Sinus- oder Cosinusfunktoun oder komplex Zuelen anzeféieren? Wann ech dat Geschir awer zur Verfügung hunn, da kann ech dermat erëmस्पillen, versichen dem Schüler dat ze veranschaulichen an et op Problemer vum praktesche Liewen a vum Beruff uwenden.<sup>7</sup>

- **„Nëmmen dat soll an der Schoul ënnerriicht ginn wat „nëtzlech“ ass a wat een am spéidere Liewe brauch.“**

Nee:

Mir wëlle d'Schüler zu kritesche Mënschen ausbilden, déi eng ganz Parti Hannergrondwëssen a -Kënnen hunn, wat hinnen erlaabt, vill komplex Sachverhalter wéinstens ongeféier ze verstoen, och ouni härno am Détail di Methoden unzewenden di se an der Schoul geléiert hunn.

- **„De Schüler soll seng Fächer méiglechst weitgehend selwer zesumme stelle kënnen, je no den Interessen.“**

Nee:

An enger Zäit vum Ëmbroch, wu alles amgaang ass sech ze veränneren, fillen di meescht Schüler sech iwerfuerdert domat. Si wësse vläicht graff gesinn wat si interesséiert (eng méi wëssenschaftlech / technesch / künstleresch Richtung oder wat och ëmmer), mee si sinn nach nët reif genuch fir dat am Détail duerchzezéihen. Ausserdeem wëssen se nach nët wat si herno brauchen fir dee Beruff ze man deen si interesséiert, oder wat d'Uni verlaangt wou se wëllen higoen, an de Risiko ass grouss dass si an eng Sakgaass geroden wann si nëmmen no hire Virléiwte kucken.

- **„Et soll am beschte keen Examen a keng Benoutung méi ginn<sup>8</sup>, fir dass d'Schüler nët zevill gestresst ginn.“**

Nee:

Stress gehéiert zum Liewen an et ass besser fréihzeiteg ze léieren dermat eens ze ginn. Soss ass de Stress duebel sou grouss beim éischten Unis-Examen oder beim Virstellungsgespréich beim Patron!

Et ass nach nie e Sport-Club ob d'Iddee komm de Championnat oder d'Matcher ofzeschaafen well dat Stress vir d'Sportler ass. E Punktesystem mat Klassementer wëllt beim Sport oder an der Musek komescherweis och keen ofschaafen. Souguer de Finanzsystem huet e "Ranking System" an an der berühmter PISA Etude gëtt mat vill Punkten a Klassementer geschafft.....

- **„Schüler déi en Handwierk léieren brauchen Rezepter. Erklärungen brauchen zevill Zäit an dat verstinn si souwisou nët.“**

Nee:

Och Schüler di theoretisch manner begabt sinn (oder keng Loscht op Theorie hunn),

<sup>7</sup> Oder wëlle mer duerch d'Reform wierklech nëmmen onkritesch, „nëtzlech“ a bëlleg Arbechtskräften schafen?

<sup>8</sup> Sou ass et schon décidéiert am Enseignement Professionnel, géint de Wëllen vu Proffen a Schüler.

kënnen Villes verstoen, wann se et anstänneg erklärt kréien. An si hunn e Recht op des Erklärungen!

- **„Mir müssen d'Grondlage kierzen fir dass mir méi Zäit hunn fir eis mat modernen Inhalter ze beschäftegen.“**  
Natierlech sollte mer och Aktuelles an de Cours abauen (als Beispiller), awer déi Saachen änneren esou séier dass se schon no e puer Joer veralt sinn. D'Grondlagen awer, di erlaben, eppes ze verstoen an de Geeschicht ze entwickele, hunn eng vill méi laang Liewensdauer, an hëllefeng engem nach laang no der Schoul weider.
- **„Frontalunterricht ass almoudesch a sollt ofgeschafft ginn.“**  
Natierlech ass et schéin, wann d'Schüler selwer, an engem Grupp oder eleng, Iwerlëunge maachen, Formelen hirleeden, Schaltungen entwerfen<sup>9</sup> etc. Dat wat een selwer erschafft huet vergësst een net méi.<sup>10</sup>  
Allerdéngs hunn si, di dack vill Problemer mat Struktur an Uerdnung hunn, e Recht op Ënnerstëtzung. Beim Frontalunterricht kann een hinne weisen wéi een e logeschen Opbau mécht, wéi een der Rei no wichteg Konklusiounen kann zéihen, wéi ee virgoe muss fir e Problem ze léisen.
- **„Wann di richteg Method benotzt gëtt, da mécht Léieren ëmmer Spaass.“**  
Natierlech sollte mer vu vieren derfir suergen dass d'Léieren an enger méiglechst angenehmer Atmosphär sollt oflafen.  
Mee: Léieren ass Aarbecht. Aarbecht ass ustrengend. Ustrengung mécht midd. Jo, d'Beloung vum Léieren kann eng déif Zefriddenheet sinn, wann een nei Erkenntnisser gewonnen huet an en Deel vun der Welt besser wéi virdrun versteet. Mee et kann och mat schreckleche (momentanen) Frustratiounen verbonne sinn, wann ee grad net weider kënn. Ee gudder Proff kann do hëllefeng andeems en dem Schüler Mutt mécht an him ze verstoe gëtt dass en dat schaffen kann. Mee d'Arbecht kann en him net ewech huelen.

Dëst ass meng privat Meenung. Wien se konservativ fënnt, huet vläicht Recht: ech wëll dat gutt, wat et sécher an eisem Schoulsystem gëtt, „konservéieren“. Vun neien Iddien loosse ech mech gär iwerzeegen, wann ech gesinn, dass se **konkret** am Schoulalldag funktionéieren.

Jean-Claude Feltes  
Prof. Ing. fir Elektrotechnik am LTAM  
[jean-claude.feltes@education.lu](mailto:jean-claude.feltes@education.lu)  
<http://staff.ltam.lu/feljc/home.html>

9 ... Gedichter schreiwen / analyséieren, geschichtlech Recherche man....

Ech schreiwen vun dem wat ech am beschte kennen, an dat huet mat Technik ze dinn.

10 Leider stëmmt dës Saatz, vun dem ech fréier och iwerzeegt war, an der Schoulrealitéit net: Allzedacks kann den Dag drop keen sech méi erënneren un di wichteg Konklusioun di en gëschter selwer aus engem Experiment gezun huet.